

# ripevusch

ZEITUNG VUN DER GEMENG USELDENG

RIPPWEILER → IEWERLENG → USELDENG → SCHANDEL

No. 3 / 2011

# Inhaltsverzeechnis

*Zeitung vun der Gemeng Useldeng No. 3 / 2011*


[03] Gemengekommissiounen

[04] Bilanz

[06] Élections communales : Résultats et tableau analytique

[07] Assermentation du collège échevinal au Ministère de l'Intérieur

[08] Assermentation des conseillers communaux

[08] Besucher aus Amerika auf Burg Useldingen

[10] Waasseranalysen

[11] Tit Schroeder

[13] Extrait des délibérations du Conseil Communal

[14] Avis officiels Urbanisme + Commissions

[16] Avis au pubic

[17] Commémoration Nationale

[20] Noruff

[22] Inauguration de la Maison Relais

[26] APECU

[27] Genderhaus-news

[28] Wat ass lass, am Schlass?

[28] Manque de pluie

[29] Sportifs méritants 2011

[30] Dag vum Bam

[31] Manifestatiounskalenner



***Foto Cover: Claude Bach***
***Merci Jackie Weber-Messerich***

mise en page: **a | part** | impression: imprimerie **reka** | tirage: **650 exemplaires**



# Gemengekommissiounen

*An dëser Nummer vum Ripevusch fannt Dir een Opruff, fir lech an d'Gemengekommissioun ze mellen.*

*Déi meescht vun de Kommissioune si vum Gesetz hier net obligatoresch a ginn als konsultativ Organer vum Gemengerot ugesinn. Se goufe fir déi nächst 6 Joer e bëssche reorganiséiert a verschiddener vun de Kompetenzfelder goufe par rapport zu den aktuelle Kommissiounen adaptéiert, fir se nach e bëssche méi efficace ze maachen. Decisioune vun enger Gemeng gi sécher an dem Gemengerot geholl, ma als Member vu sou enger Gemengekommissioun kann een sech och fir d'Matbierger aus sengem Duerf asetzen a seng Meenung zu deem engen oder anere Sujet ausdrécken. Duerch nei Impulser oder Iddien, déi een an sou enger Kommissioun mat abréng, kann een hëllefen, d'Gemengegremien op ee Problem opmierksam ze maachen oder eng Propose maachen, fir eppes Neies un d'Rullen ze bréngen.*
*Eis Gemengekommissiounen hunn och schonns ee konsequente Budget an nei Projete gi mat Freed ënnerstëtzt. An de leschte Joren hunn eis Kommissioune vill interessant Iddie realiséiert an et ass fir den demokratesche Prozess wichteg, dass an deene Gremien net nëmme Politiker sëtzen, mee och interesséiert Bierger, fir sou d'Saachen op eng konstruktiv Aart a Weis no vir ze bréngen.*

*Et ass eis wichteg, dass Dir lech an déi Kommissioun mellt an dofir mäi waarmen Appel fir Är Kandidatur ze stellen. Et solle vill Leit matdenken, matplangen, matdiskutéieren, mat Argumenter liwweren a mat agebonne ginn, fir dass d'Gemeng Useldeng weider dynamesch bleift a weider bougéiert.*

*Ech profitéieren awer och vun der Geleeënheet, fir lech an Äre Famillje roueg a gemittlech Feierdeeg ze wënschen…* ▪





# Bilanz

**Léif Matbiergerinnen a Matbierger,**

Um Enn vun enger Legislaturperiod sief et mir erlaabt e puer Gedankegäng iwwert déi verflosse 6 Joer Gemengepolitik ze maachen an och schonns gläichzäiteg e Bléck an d´Zukunft ze werfen.

D´Ziler vun deemools waren héich gesat a sinn awer all erreecht ginn, ausser deem neie Bebauungsplang, deen ëmmer erëm duerch nei Fuerderunge vun de staatlechen Instanzen an d´Hannertreffe geroden ass.

Ëmsou méi kucken ech gäre mat enger gewësser Satisfaktioun zréck op de Bau vun der neier Atertbréck, de Kulturwee op a ronderëm d´Buerg, d´Moossnamen, déi geholl gi sinn am Zesummenhang mat den Iwwerschwämmungen duerch Iwwerflächewaasser, déi vill nei Stroosseninfrastrukturen, den Invest an erneierbar Energien, d'Kannerbetreiungsstrukture mat dem Bau vun der neier Maison Relais, den Naturschutzprogramm, d'Verschéinerung vun eisen Dierfer, déi sozial Ënnerstëtzung duerch d'Aféierung vun enger Allocation de solidarité, déi ugebuede Servicer fir den drëtten Alter, d'Ënnerstëtzung, finanziell a materiell, fir eis Veräiner an nach villes méi.

Léif Leit, Dir hutt dat honoréiert a mir an de Wahle vum 9.Oktober Äert Vertraue massiv erneiert, duerfir soen ech lech nodréiglech ee groussen opriichtege Merci.

Ech wäert och an de kommende Jore versichen mat voller Kraaft a groussem Asaz zu der weiderer positiver Entwécklung vun eiser schéiner Gemeng bäizedroen.

Mee all déi virdrun opgezielte Realisatioune wieren net machbar gewiescht, wann net hannert dem Buergermeeschter eng staark Equipe gestanen hätt.

Ugefaange bei der Schäffin Marielle Majerus-Goedert an dem Schäffe Marc Hansen, déien an onzielbare Stonne gehollef hunn, Problemer ze léisen, Dossieren ze wälzen a Projeten an d'Wee ze leeden.

Dobäi soll och gesot sinn, dass den Useldinger Gemengerot an deene ville Sitzunge vun der vergaangener Period kritesch, konstruktiv a mat vill Iwwerzeegung d'Aarbecht vun alle Concernéierte bestëmmt a begleet huet, gutt Decisioune geholl huet, un engem Strang gezunn huet an sou maassgeeblech d'Weiche gehollef huet stellen, fir dat Resultat ze erreechen, wat mer alleguer kennen.

D´Spréchwuert „l'union fait la force" trëfft ouni weideres op déi ganz Gemengenequipe zou an duerfir seet de Buergermeeschter hinnen all an ouni Ausnahm, genau wéi eise Leit aus der Verwaltung, dem techneschen Déngscht, eisen Aarbechter, dem Botzdéngscht, dem Schoulpersonal an de Betreierinnen aus der Maison Relais, een éierlechen, ganz waarme Merci.

Eis Gemeng ass een Déngschtleeschtungsbetrib a soll, genau wéi an der Privatwirtschaft un senge Prestatioune fir de Bierger gemooss ginn, dëse Prinzip huet an der Vergaangenheet gegollt a wäert och an der Zukunft säi Bestand hunn.

Zënter e puer Joer scho schaffe mir drun eis Administratioun méi effizient ze maachen an d'Diere méi grouss fir de Bierger opzemaachen; mir hu motivéiert an hëllefsbereet Personal, dat den Ufuerderunge vun enger moderner Gemengegestioun gerecht gëtt an dat ouni Zweifel op der Héicht vun sengen Aufgaben ass.

Duerch eng permanent Weiderbildung entspriechen si deem Profil, dat vun enger zukunftsfäheger Gemeng verlaangt gëtt.

Duerfir ass et gutt, dass mir, bei eventuell ustoenden Diskussiounen iwwert Fusiounen nieft eiser Bedeelegung u verschiddene wichtege Syndikater, gutt opgestallt sinn.

Eis geet et drëm, dass de Bierger am Mëttelpunkt steet an dass de Bierger eng Plus-Value an een Avantage an dëse Bestriewungen gesäit an net nëmmen den zoustännege Ministär.

Natierlech schloe mir d'Dier awer net zou, wann eng Nopeschgemeng sollt Interessi weisen, mee da kucke mer emol.

Doriwwer eraus hale mir d'Iddi vun enger „Communauté urbaine" nach ëmmer fir ganz valabel an duerchféierbar.

Op eiser Prioritéitelëscht an de kommende Jore steet de Bau vun engem gemeinsamen Interventiounszenter fir eis Pompjeeë ganz uewen, genau wéi d´Fäerdegstelle vum Bebauungsplang.

Hei geet et drëm, duerch ee kontrolléiert Wuessen de ländleche Charakter ze erhalen an eis Natur an eis schéin Dierfer net duerch iwwerdimensionéiert Bauten ze zerstéieren.

Eis Stroossen-a Kanalinfrastrukture sollen nach do verbessert ginn, wou et néideg ass; deemnächst fänke mer mat dem Projet am Eck zu Iewerleng un a villes soll och an Zesummenaarbecht mam Sidero nach realiséiert ginn.

Mir wäerten eis asetze fir bezuelbare Wunnraum an zesumme mat staatleche Partner, wéi z.B. dem Fonds de logement, eise Bäitrag leeschten.

A punkto Energiespuere mussen mer onbedéngt déi al Heizungen an de gemengeneegene Gebaier ersetzen, genau wéi mer doriwwer nodenken, fir an enger globaler Léisung een energieeffizienten a klimagerechten Heizungssystem ze fannen.

Mir wäerten och an der Zukunft an erneierbar Energien wéi z.B. d'Photovoltaik investéieren an am Ëmwelt-an Naturschutzberäich nach méi aktiv ginn.

Ee groussen Deel vun eisem Budget investéiere mer an interkommunal Syndikater, mee mir musse wëssen, dass mer net eleng eng Piscine, een Altersheim oder eng Museksschoul kënne bauen oder geréieren.

Nieft eise Schoulkanner, eiser Jugend an de Veräiner soll de Sport, d'Kultur an den Tourismus och net ze kuerz kommen an sou wäerte mer eis weider fir d'Promotioun vun eiser wonnerbar restauréierter Buerg mat hirem Kulturwee am In- an am Ausland asetzen.

Bei all deem, wat mir wëlles hunn an all dësen Investitiounen, däerfe mir awer eis Finanzkraaft net iwwerschätzen a mir musse wëssen, dass an Zukunft méi kleng Bréidercher gebak wäerte ginn.

## Dir Dammen an Dir Hären,

Et ass villes an de leschte Jore bewierkt ginn an et läit och nach villes virun eis.

Zesumme mat deem neigewielte Schäffen-a Gemengerot sinn ech iwwerzeegt, dass mir déi Hürden, déi mir eis zum Deel selwer gesat hunn, och wäerten iwwersprangen.

Nei Erausfuerderungen kommen op eis duer, mir si bereet se ze meeschteren, och wa mir net kënne virausgesinn, wat sich op där internationaler an där europäischer Bühn deet, a wat fir een Impakt a Konsequenzen dat kéint fir eis hunn.

Fir eis ass et duerfir duebel wichteg, dass weiderhin an engem gemeinsame Geescht vu Verantwortungsgefill a Solidaritéit geschafft gëtt.

Dat hu mir an der Vergaangenheet fäerdeg bruecht an dat wäert och an Zukunft esou sinn.

An deem Sënn wënschen ech Iech alleguer, am Numm vu menge Kolleginnen a Kollegen aus dem Schäffen-a Gemengerot ee besënnleche Chrëschtdag an dat Allerbescht fir 2012.

Ech drécken de Wonsch aus, dass am neie Joer all Är Virsätz an all Är Dreem an Erfëllung ginn an dass der hoffentlech all bei gudder Gesondheet bleift.

Mir vun eiser Säit aus si jiddefalls fest gewëllt mat Disziplin, Ausdauer, Fläiss an Asaz dës Gemeng weider no vir ze bréngen.

Ee gudde Rutsch an all Guddes!
*Äre Buergermeeschter*
*Pollo Bodem* ▪

# Élections communales : Résultats et tableau analytique

| | | 2011 | | 2005 | |
|---|---|---|---|---|---|
| Bulletins de vote valables: | | 923 | | 817 | |
| | | Suffrages | Pourcentage | Suffrages | Pourcentage |
| 1 | Pollo Bodem | 600 | 65 % | 487 | 60 % |
| 2 | Marc Hansen | 485 | 53 % | 394 | 48 % |
| 3 | Gérard Anzia | 433 | 47 % | 402 | 49 % |
| 4 | Raymond Feinen | 419 | 45 % | 333 | 41 % |
| 5 | Irène Staus-Melcher | 392 | 42 % | | |
| 6 | Claude Bach | 383 | 41 % | 330 | 40 % |
| 6 | Marielle Majerus-Goedert | 383 | 41 % | 415 | 51 % |
| 8 | Raoul Schaaf | 357 | 39 % | 314 | 38 % |
| 9 | Gérard Heitz | 327 | 35 % | 378 | 46 % |
| *10 | Raymond Schmit | 309 | 33 % | | |
| *11 | Aly Hennico | 309 | 33 % | 291 | 38 % |

*** Les candidats non-élus ont été classés conformément aux dispositions de l'article 223 da la loi électorale.**
Art.223 : « Les candidats non-élus sont inscrits au procès-verbal d'élection dans l'ordre du nombre de leurs suffrages. En cas de parité, privilège est accordé au candidat qui est désigné par tirage au sort par le président du bureau principal de vote de la commune en présence des autres membres du bureau et des témoins. »

# Assermentation du collège échevinal au Ministère de l'Intérieur

Photo : © 2011 SIP / Charles Caratini

## Assermentation du collège échevinal de la Commune d'Useldange




Vlnr.: Marc Hansen, Minister Jean-Marie Halsdorf, Pollo Bodem, Gérard Anzia...

## Signature des documents officiels...







# Assermentation des conseillers communaux



# Besucher aus Amerika auf Burg Useldingen

Text: Roger Feiereisen

Ende September befand sich eine 30-köpfige Gruppe der „Luxembourg American Cultural Society", kurz LACS genannt, aus den USA zu Besuch im Grossherzogtum. Die Gäste, die Luxemburger Familiennamen tragen sind Nachfahren luxemburgischer Auswanderer, die im Laufe des 19. Jahrhunderts in der Neuen Welt ihr Glück suchten. Zielsetzung der „Heritage, Cultural and Gastronomical Tour of the Grand-Duchy of Luxembourg" ist es, das Land der Vorfahren zu entdecken und möglicherweise entfernte Verwandte aufzuspüren. Die Reisegruppe, welche sich aus Bewohnern verschiedener Staaten quer durch Amerika zusammensetzte, wurde betreut von Kevin Wester, Geschäftsführer der LACS.



„Die LACS-Reisegruppe in Useldingen"

Auf Einladung des Syndicat d'Initiative stand während dieser Rundreise durch das Grossherzogtum auch eine Besichtigung der Useldinger Burg auf dem diesjährigen Programm. Dies sollte es allen Beteiligten ermöglichen nähere Bekannschaft mit unserer Ortschaft und der Geschichte einiger ihrer Auswanderer, sowie der Burganlage mit ihrem besonderen kulturellen Rundweg, zu machen. Der Besuch erweckte reges Interesse, insbesondere bei einigen Nachkommen der Familie Fürst aus Useldingen, für welche es ein spezielles Erlebnis war den Ort ihrer Vorfahren zu erkunden und Kontakte zum Sammeln weiterer Informationen zu knüpfen. Mehr dazu in einer späteren Ausgabe. ■




„Nachfahren der Familie Fürst"

# Waasseranalysen an der Gemeng Useldeng

Hei hannendru publizéiert Gemeng, sou wéi et d',,Règlement grand-ducal" vum 07.10.2002 verlaangt, d'Waasseranalysen aus eiser Gemeng. ■

| Paramètre | Everlange Rippweiler* Schandel | Useldange** | Valeur paramétrique | Unité |
|---|---|---|---|---|
| **Caractéristiques** | | | | |
| Couleur vraie (436nm) | < 0.03 | < 0.03 | | 1/m |
| Turbidité | 0.24 | 0.27 | | NTU |
| **Microbiologie** | | | | |
| Coliformes totaux | < 1 | < 1 | 0 | (cfu/100ml) |
| Escherichia coli | < 1 | < 1 | 0 | (cfu/100ml) |
| Germes totaux à 36 C (48h) | < 1 | < 1 | < 20 | (cfu/ml) |
| Germes totaux à 22 C (72 h) | 1 < o.p. < 4 | < 1 | < 100 | (cfu/ml) |
| Clostridium perfringens | < 1 | < 1 | 0 | (cfu/100ml) |
| Entérocoques intestinaux | < 1 | < 1 | 0 | (cfu/100ml) |
| **Physico-Chimie** | | | | |
| ph | 7.5 | 7.5 | 6.5 - 9.5 | |
| Conductibilité électrique 20°C | 442 | 388 | < 2500 | (µS/cm) |
| Dureté carbonatée | 18.3 | 15.2 | | (d°fr) |
| Dureté totale | 23.5 | 20.3 | | (d°fr) |
| Ammonium-NH4 | < 0.02 | < 0.02 | < 0.5 | (mg/l) |
| Nitrites-NO2 | < 0.02 | < 0.02 | < 0.5 | (mg/l) |
| Chlorures-Cl | 20 | 12.4 | < 250 | (mg/l) |
| Nitrates-NO3 | 13.4 | 12.1 | < 50 | (mg/l) |
| Sulfates-So4 | 31.8 | 44.9 | < 250 | (mg/l) |
| Calcium-CA | 91.6 | 64.2 | | (mg/l) |
| Magnesium-mg | 3.3 | 12 | | (mg/l) |
| Potassium-K | 1.0 | 2 | | (mg/l) |
| Sodium-Na | 6.0 | 5.0 | < 200 | (mg/l) |

* N° échantillon: DEA11/39-23 prélevé le 28/09/2011

** N° échantillon: DEA11/39-24 prélevé le 28/09/2011

# Tit Schroeder Gedenkfeier

Text: Roger Feiereisen / Fotoen: Tom Lehnert

Zu einer besonderen Gedenkfeier hatte das Syndicat d'Initiative, unterstützt von der Gemeindeverwaltung, geladen, mit dem Ziel, das 100-jährige Wiegenfest des Dichters Théo, genannt Tit Schroeder, mit einer akademischen Festsitzung zu begehen. Verbunden war diese Gedenkfeier mit der Ausstellung „Tit Schroeder & Useldinger Auswanderer", die das Leben und Werk Tit Schroeder's hervorhob, aber auch Aufschluss gab über die mehr als hundert Amerika-Auswanderer aus Useldingen. Sowie einer Neuausgabe des Buches „De gaunze Wee", das, unter Leitung von Georges Calteux, mit ausgedehnten historischen Informationen ergänzt wurde, um so das Leben Tit Schroeder's und den geschichtlichen Hintergrund der Auswanderungen zu beleuchten. Es stellt dies zweifelslos einen wichtigen Bestandteil der lokalen Geschichte unserer Gemeinde dar.




Roger Feiereisen begrüsste zur akademischen Sitzung unter den zahlreichen Gästen und Ehrengästen auch die Witwe von Tit Schroeder, Mme Erna Schroeder-Konen, nebst Sohn Marc und weiteren Familienmitgliedern, sowie als Ueberraschungsgast Théo Ernst aus Amerika, der „andere" Théo aus dem Gedicht „Déi zwéin Théoen".



Hauptbestandteil der Feier, durch die Georges Calteux mit seinen gewohnt fachkundigen Erklärungen führte, waren die Aufführung von Gedichten, Gesängen und Sketchen von und über Tit Schroeder, die von verschiedenen Künstlern sowie der Chorale Uselding vorgetragen wurden. Bei den Gesängen handelte es sich um eigens für diese Feier vertonte Gedichte, wobei besonders die Darbietungen des Duos Jos Schartz/Sylvia Nels Beachtung fanden.






Bürgermeister Pollo Bodem betonte, dass diese Feier einen absoluten Höhepunkt im kulturellen Leben von



Useldingen darstelle. Man habe Tit Schroeder darüber hinaus sehr viel zu verdanken.

Im Anschluss an die Festsitzung enthüllte Mme Erna Schroeder-Konen gemeinsam mit Bürgermeister Pollo Bodem, auf dem Platz neben dem Kulturzentrum, eine von Georges Calteux angefertigte und gestiftete Büste von Tit Schroeder. Diese Büste vollendet somit die „Tit Schroeder



Station“ des didaktischen Rundwegs von Useldingen. Zudem erhielt der Platz offiziell den Namen „Place Tit




Schroeder“, begleitet von der Enthüllung des neuen Namensschildes durch Herrn Marc Schroeder. Musikalisch umrahmt wurde dieser Teil der Feier durch die „Harmonie Uselding“ und die „Fanfare Iewerleng“.





Zum Ausklang der Feier lud die Gemeindeverwaltung die anwesenden Mitbürger und Gäste zum Ehrenwein, um so einen gelungenen Nachmittag ausklingen zu lassen.



An dieser Stelle sei nochmals ein Dankeschön gerichtet an alle Beteiligten, die zum schönen Erfolg der gesamten Feierlichkeiten beigetragen haben. ▪

# Extrait du registre aux délibérations du conseil communal de la commune d'Useldange

## 1. Urbanisation

Dans le cadre d'un projet de construction et pour rendre compte de la situation existante du chemin communal au lieu-dit « Reeseschbierg » à Useldange, le conseil approuve des compromis de vente et d'échange avec les consorts Steffen et Wagner-Duponcheel de Useldange.

Le conseil approuve un contrat de bail concernant la mise à disposition à Monsieur Jean-François Palm d'un terrain communal de 12,80 ares au lieu-dit « Auf der Scherchesacht » à Useldange, en vue de l'utilisation de cette parcelle comme jardin.

Dans le cadre de la construction de maisons unifamiliales dans la rue Hiehl à Everlange, le conseil approuve 4 actes de cessions gratuites avec les familles Muller-Langguth, Maus-Poos, Kieffer-Wagner et Besch-Steffen. Les parcelles cédées gratuitement à la commune sont intégrées dans la voierie publique.

## 2. Environnement

Le conseil approuve le plan de gestion de la forêt communale pour l'année 2012. Ce plan, présenté au conseil par Monsieur Manuel Reichling, garde-forestier et préposé du triage du Préizerdaul, prévoit pour l'exercice 2012 des investissements de 45'600 € et des recettes de 46'600 €.

## 3. Conseil communal

Le conseil communal décide de procéder à l'adaptation de 10 % des indemnités pour les membres du collège échevinal et les jetons de présence pour les conseiller communaux. Ainsi, à partir du 1er janvier 2012, les indemnités mensuelles pour les membres du collège échevinal seront les suivantes : 118,80 € pour le bourgmestre et 59,40 € pour les échevins. Les jetons de présence pour les membres du conseil communal seront de 19,8 € par séance.

Les montants ainsi arrêtés correspondent au nombre 100 de l'indice pondéré du coût de la vie au 1er janvier 1948. La dernière adaptation a eu lieu le 1er janvier 2000.

Suite aux élections communales, les représentants de la commune dans les divers syndicats intercommunaux ont du être désignés. Ainsi la commune sera représentée comme suit dans les divers comités syndicaux :

- Syndicat « Réidener Kanton » : Pollo Bodem et Marc Hansen
- DEA : Pollo Bodem
- SICONA : Gérard Anzia
- SIDERO : Claude Bach
- SIDEC : Raoul Schaaf
- Syndicat « Réidener Schwemm »: Marielle Majerus-Goedert et Irène Staus-Melcher
- Syndicat « Réidener Museksschoul »: Raoul Schaaf et Marielle Majerus-Goedert

## 4. Personnel

Vu que la receveuse de la commune, Madame Annick Halsdorf-Witry se trouve en congé de maladie prolongé, le conseil décide de nommer Monsieur Camille Schleich, receveur de la commune de Bissen, comme remplaçant.

Vu ce changement, l'horaire d'ouverture de la recette communale a du être modifié. Ainsi la recette communale sera en principe ouverte au public tous les jeudis matins de 8.30 à 11.30 heures. En dehors de ces heures d'ouverture, le public pourra prendre un rendez-vous avec Monsieur Schleich en contactant le bureau de la population de la commune au numéro de téléphone 23 63 00 51-1.

## 5. Maison Relais

Le conseil décide de nommer Madame Nadine Gregorius Kaiser de Reimberg au poste d'aide-éducatrice pour les besoins de la Maison Relais à Useldange.

## 6. Impôt foncier et impôt commercial 2012

L'impôt foncier pour l'année 2012 restera inchangé et est fixé comme suit :

- **Impôt foncier A :** 400 % (propriétés agricoles et forestières)
- **Impôt foncier B1 :** 600 % (constructions commerciales)
- **Impôt foncier B2 :** 400 % (constructions à usage mixte)
- **Impôt foncier B3 :** 400 % (constructions à autre usage)
- **Impôt foncier B4 :** 200 % (maisons unifamiliales et maisons de rapport)
- **Impôt foncier B5 :** 400 % (immeubles non-bâties autre que des terrains à bâtir à des fins d'habitation)
- **Impôt foncier B6 :** 400 % (terrains à bâtir à des fins d'habitation)

Le taux à appliquer pour l'impôt commercial pour l'exercice 2012 restera inchangé à 235 %.

## 7. Recensement fiscal

Pour le recensement fiscal d'octobre 2011, le conseil communal décide d'allouer une indemnité de 3,00 € par feuille de ménage aux agents recenseurs ainsi qu'une indemnité de 1,25 € pour le contrôle desdites feuilles.

## 8. Subsides divers

Le conseil décide d'allouer les subsides suivants :

- 250 € à « Médecins sans frontières » pour le soutien d'un projet caritatif en Somalie ;
- 250 € pour « Air Rescue » ;
- 200 € pour « Friend's of Patton's 26th infantry Division » ;
- 150 € en faveur de la « Sécurité Routière » ;
- 125 € pour l'« Association nationale des victimes de la Route » ;
- 50 € pour la « Fédération Luxembourgeoise de Tennis de Table » dans le cadre des festivités de leur 75e anniversaire ;
- 25 € en faveur de l'« Amicale sportive des handicapés physiques ».

En plus le conseil accorde un soutien financier et logistique au Syndicat d'Initiative Useldange pour l'organisation de la « Journée Tit Schroeder » et pour la publication des livres « De Gaunze Wee » et « Schicksale » de Monsieur Léon Raths. ■

# Avis au public

### Urbanisme

Conformément aux dispositions de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain, il est porté à la connaissance du public qu'en date du 23 septembre 2011, Monsieur le Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région a approuvé la délibération du 8 avril 2011 du conseil communal portant approbation du projet d'aménagement particulier, concernant des fonds sis à Useldange, Route d'Arlon, au lieu-dit « In den Wolfsgarten », présenté par la société IKARUS MANAGEMENT S.A.

Le collège des bourgmestre et échevins
Pollo BODEM, bourgmestre
Marc HANSEN, échevin
Gérard ANZIA, échevin ■

# AVIS

## Les Commissions consultatives

Le conseil communal se propose de créer un certain nombre de commissions qui pourront lui servir d'organes consultatifs.

| | | |
|---|---|---|
| 1) | Commission consultative d'intégration (dont au moins 1 membre du conseil communal et 1 membre du collège échevinal) | 6 membres et 6 suppléants |
| 2) | Commission de la culture (dont au moins 1 membre du conseil) | 7 membres |
| 3) | Commission pour la rédaction du RIPEVUSCH (dont au moins 1 membre du conseil) | 7 membres |
| 4) | Commission des sports et de la jeunesse (dont au moins 1 membre du conseil) | 7 membres |
| 5) | Commission de l'environnement et des chemins ruraux (au moins 1 membre du conseil) | 7 membres |

Les personnes intéressées à collaborer dans l'une ou dans l'autre de ces commissions sont priées de retourner le formulaire ci-joint jusqu'au mercredi 18 janvier 2012 au plus tard à l'adresse indiquée ci-dessous :

**Administration communale d'Useldange**
**2, rue de l'Église**
**L-8706 Useldange**
**Adresse email : secretariat@useldeng.lu**
**Fax : 23 63 82 27**

Je soussigné(e), ______________________________

Adresse : ______________________________

Téléphone : ______________________________

Adresse email : ______________________________

Pose par la présente ma candidature pour faire partie de la / des commission(s) suivante(s) :
(prière de mettre une croix dans la / les case(s) correspondante(s))

☐ **Commission des étrangers**

☐ **Commission de la culture**

☐ **Commission pour la rédaction du RIPEVUSCH**

☐ **Commission des sports et de la jeunesse**

☐ **Commission de l'environnement et des chemins ruraux**

# Avis au public

Pour améliorer la disponibilité des services communaux pour les citoyens, le collège échevinal a décidé d'adapter les horaires d'ouverture de l'administration communale. Ainsi, à partir du 2 janvier 2012, **le bureau de la population** sera ouvert au public, comme suit :

| | |
|---|---|
| **Le lundi après-midi :** | **de 14.00 à 19.30 heures** |
| **Le mardi, mercredi et jeudi matin :** | **de 08.00 à 11.30 heures** |
| **Le vendredi après-midi :** | **de 13.00 à 17.00 heures** |

Tous les autres services de la commune seront disponibles pour le public sur rendez-vous.
Suite aux changements des heures d'ouverture du lundi soir, le bureau de la population ne sera plus ouvert le 1er samedi de chaque mois.

En plus des heures d'ouverture, le service en ligne «Ma Commune» restera bien évidemment disponible 7/7 jours et 24/24 heures. Ainsi un grand nombre de démarches administratives pourront être réalisés facilement sans devoir se déplacer à la commune.

Le collège échevinal,
Pollo Bodem, Bourgmestre
Marc Hansen, Echevin
Gérard Anzia, Echevin

# Bekanntmachung

Um die Behördengänge für die Einwohner der Gemeinde Useldingen zu vereinfachen hat das Schöffenkollegium beschlossen die Öffnungszeiten der Gemeindeverwaltung anzupassen. So wird ab dem 2. Januar 2012 das **Bürgeramt** zu folgenden Zeiten geöffnet sein:

| | |
|---|---|
| **Montags:** | **von 14.00 bis 19.30 Uhr** |
| **Dienstags, Mittwochs und Donnerstags:** | **von 08.00 bis 11.30 Uhr** |
| **Freitags:** | **von 13.00 bis 17.00 Uhr** |

Die restlichen Dienste der Gemeinde stehen der Bevölkerung die gesamte Woche über auf Anfrage zur Verfügung. Aufgrund der ausgedehnten Öffnungszeiten am Montag Nachmittag wird das Bürgeramt in Zukunft an den 1. Samstagen des Monats geschlossen bleiben.

Außerdem bleibt natürlich der Onlinedienst „Ma Commune" für die Bürgerinnen und Bürger 7/7 Tage und 24/24 Stunden verfügbar um die gängigsten Anfragen bequem von Zuhause aus erledigen zu können.

Das Schöffenkollegium,
Pollo Bodem, Bürgermeister
Marc Hansen, Schöffe
Gérard Anzia, Schöffe

# Nationale Gedenkdag 2011 zu Useldeng

Foto & Text: Tom Lehnert



## Journée de Commémoration nationale

Den 10. Oktober 2011 waren et 70 Joer hier, datt bei Geleeënheet vum sougenannten „Referendum" d'Lëtze-buerger sech ënner der Nazi-Okkupatioun zu hirer Heemecht bekannt hunn.

Zënter 1946 erënnert sech Lëtzebuerg all Joer ëm den 10. Oktober un d'Affer vum Zweete Weltkrich. Aus organi-satoresche Grënn ass dat dëst Joer an eiser Gemeng e Sonndeg, den 23. Oktober geschitt.

Den Depart vum Cortège war um 16.45 Auer beim Centre Culturel am Millenhaff zu Useldeng, en ass ugefouert gi vun der Musek vun Iewerleng an Useldeng, zesumme mat de Pompjeeën aus der Gemeng.

Um 16.00 Auer huet den Här Paschtouer Mathieu Janssen d'feierlech Houmass, verschéinert vun der Chorale Ste Cécile Useldeng, an der Porkierch ofgehalen. Fir de 70. Anniversaire vum „Referendum" gouf d'Mass speziell arrangéiert vum Roger Meis, Organist an Dirigent vun der Chorale.

No der Mass goufen traditionnell beim Monuments aux Morts d'Blummegerben deposéiert, iert de Cortège zeréck goung an de Centre Culturel.

Hei koum et dunn zur Usprooch vum Buergermeeschter Pollo Bodem an hien huet zougläich och dierfen d'Buch „SCHICKSALE – REFRAKTÄRE UND ZWANGSREKRUTIERTE AUS DER GEMEINDE USELDINGEN" vum Léon Raths presentéieren, dat d'Erliefnisser vun de Refraktären an



Zwangsrekrutéierten aus der Gemeng Useldeng am Zweete Weltkrich erzielt an dokumentéiert.

Desweideren hunn och d'Éieregäscht vum Dag, den Erny Lamborelle, President vun der „Fédération des Enrôlés de Force", an d'Madame Marie-Anne Thommes, Presidentin vum „Comité pour le Souvenir de l'Enrôlement forcé", an hirer Ried d'Wichtegkeet vum Nationale Gedenkdag fir d'Generatioun vun haut a mar ënnerstrach.

D'Schlusswuert hat de Roger Feiereisen, President vum Syndicat d'Initiative, an hien ass nach eng Kéier op déi wäertvoll Aarbecht agaangen, déi de Léon Raths voll-bruecht huet, fir kënnen no laanger Recherche säi Buch ze veréffentlechen.

Als Ofschloss vun de Feierlechkeeten huet de Marc Hansen, Schäffe vun der Gemeng Useldeng, nach e puer Wierder un d'Leit geriicht. Hien huet dobäi op déi tragesch Evenementer aus der Vergaangenheet zeréckgekuckt an huet awer och d'Leit op déi traueren Neiegkeeten, déi an ähnlechen Zesummenhäng hautdesdaags leider nach ëmmer uechter d'ganz Welt optauchen, opmierksam gemeet.

Duerno gouf den Éierepatt offréiert vun der Gemeng.

Dësen Dag gouf organiséiert vun der Gemengeverwaltung zesumme mat der Amicale vun den Enrôlés de Force an dem Syndicat d'Initiative.







N.B.: Op dem nämlechten Dag ass d'Buch mat dem Titel „Schicksale", dat vum Léon Raths, mat der Hëllef vum Useldenger Syndicat d'Initiative, publizéiert gouf, erauskomm. D'Buch huet d'Format 23 x 16.5 cm, haart Deckelen an ass ca. 200 Säiten déck. Wann Dir Interessi um Buch hutt, da kënnt Dir Äert Exemplar bestellen duerch d'Iwwerweise vun 22.- EUR op de Kont
CCPL LU41 1111 0167 4965 0000
vum Syndicat d'Initiative Useldeng.






Vlnr.: Pollo Bodem, Marielle Majerus-Goedert, Léon Raths, Roger Feiereisen, Marc Hansen.

# NORUFF

Text: Lou Ney



[Foto: Lou Ney]

D'Erënnerung un Däin Déngscht an eise Paren an Deng direkt lerwschaft, d. h. d'inhaltlech Qualitéit vun Denger Bibliothéik an déi schéin Auswiel u Musiks-DVD, déi's Du eiser Duerf- a Pargemeinschaft hannerléiss, zeie vun enger Persoun, fir déi d'geschriwwen Erënnerung un d'Evolutioun vun eisem Vollék, eng breet Palette vu sakraler resp. klassescher Musik a virun allem d'Passioun fir schéi liturgesch Gesten am Kiercheraum eng oprichteg Liewensmëtt waren. Du hannerléis äis, quasi posthum, d'Idi, an eiser eegener Liewensheｋtik dës sëlwecht berouegend Kraft am Kiercheraum ze sichen.



[Foto: Marthe Boudler]




[Foto: Marthe Boudler]

Merci Nékel Eichenseher,
Léiwen Nékel, Deng charakterlech Ecken a Kanten, mat deene bal jidderee konfrontéiert gouf, deen Dir an de Joere géintiwwer stong, hu meeschtens gutt verstoppt, wat fir een ënnerlecht Verlangeren no Gottes Gebuergenheet, Bamhärzegkeet a Léift Dech liewenslang un d'Liturgie vun eiser Kierch gebonnen huet. Däi Leiden, Däin Doud an dat grousst Lach, wat eis Pargemeinschaft duerch Däin Heemgouen empfënnt, beweist villes vun deem, wat an Dir méi charismatisch war, wéi Deng dacks dach haart Schuel äis et wollt weisen.



[Foto: Lou Ney]



[Foto: Marthe Boudler]

Du hues an eisem Krees onermittlech gekämpft fir d'Erhale vun de gudden Traditiounen, esouwuel déi an der Kierch, wéi och déi am gesellschaftleche Liewen, och wa verschidden iwwerflächlech Kritiken iwwer Sënn a Wert vu Riten a Relioun Dech an Dengem perséinlechen Engagement sécherlech gekränkt hunn.

„Ma da géi den Nekel froen !"; mat der Garantie vun Denger Äntwert op all Uleies, déi eis Matbierger bei deene verschiddensten Uläss un d'UseLdenger Parkierch haten, si mir an eiser Pargemeinschaft joerzéngtelang verwinnt ginn.

Nekel, du wars de 7. Dezember 1936 gebuer ginn an ee Liewen, dat net einfach gouf; net fir Deng Elteren, déi Deeh erzunn, net fir Däi Patron, bei deems Du geschafft, net fir Deng Fra an Deng Kanner, déi Dech gären haten, a secher och net fir Dech selwer, wëlls Du vu Jonkem u wosst, dass niewt Dir a mat Dir ee Feind géng marschéieren, dee méi stark wier wéis Du. - den Alkohol. Du hues musse vill hirginn am Liewen, fir him lass ze ginn. Du hues et gewot a gepackt, vlaicht mat der Hëllef vun Dengem diskrete Gebied ëm eng Léift, fir Dech ze féieren an ze tréischten, déi méi grouss wier a méi bamhärzeg wéi all Léift heinidden.



[Foto: Marthe Boudler]


[Foto: Lou Ney]

Deng Zait hat Dech 1980 op Useldeng bruecht an zënter 1981 wars Du „eise Koschter-Nékel" bis den 26. Juli 2011, den Dag, wou's Du ais fir ëmmer verlooss hues. Deng Bilanz ass breet. Du hues gesuergt, dass d'Klacke gelaut a Gottesdéngschter geplangt an zelebréiert gouwen, de Kiercheraum warem a frëndlech war, - Massendénger, Lektoren, liturgësch Texter a Chouer-Begleedung bei Bedarf prëtt ware fir all Zorte vu liturgësche Feieren: Kanddeef, Kommioun, Firmung, Hochzäiten a Begriefnës-ser, niewt der Virbereedung vun allen aneren reliéisen Zelebratiounen a Fester, déi d'Kierchejoer an der kathoule-scher Relioun virgesäit.

Fir dës onermittlech Bereetschaft bass Du, am Optrag vum Här Erzbëschof Fernand Frank, an Denger Requiems-mass den 30. Juli 2011, vum Här Dechen Nico Jans posthum geéiert ginn, mat enger Médaille de Mérite, mam ausdrécklecher Wonsch, hir an der Useldenger Kierch eng Plaz ze réservéieren.



[Foto: Marthe Boudler]

Vill Matchrëschten aus eiser Mëtt, déi Dir privat zur Säit stongen an Dir während Dengem lange Krankewee, bei Virbereedungsarbechten an der Kierch: fir Krëschtdag, Ouschterdag, Kommioun a Prëssiounen, gehollef hunn, si matabegraff an dës Eierung. Et gouf sie all fir Dech a fir äis als Beispill vum Begrëff „Annuntiate", zu deen eisen neien Här Erzbëschof J.Cl. Hollerich eis all mateneen oprifft. Hinnen all Merci op dësem Wee.

Nékel, Deng Arbecht am Déngscht vun eiser Gemeinschaft vergiesse mer nit. Elo versiche mir een neien Elan an Dengem Sënn. Jiddereen huet een Talent. Jiddereen ass wëllkomm. Mateneen si mir ënnerwee an zesumme si mir eng Equipe am Dialog. Du géifs eis wéi gewinnt zouruffen: „Ma da mach Dech dach erbäi!"

An Dankbarkeet - eis Paréquipen. ▪


[Foto: Olga Thimmesch]

# Aweiung vun der neier Maison Relais

Fotoen: Marc Ferber / Text: Tom Lehnert

Den 23. September 2011 hat de Schäffen- a Gemengenrot all d'Awunner aus der Gemeng op d'feierlech Aweiung vun der neier Maison Relais beim Schoul- a Sportszentrum an der Schandeler Strooss agelueden.

Déi offiziell Aweiung bei herrlich sonnegem Wieder war um 16.00 Auer a Präsenz vun der Madame Marie-Josée Jacobs, Familljen- an Integratiounsministesch.

D'Begréissungswierder koume vun der Madame Marielle Majerus-Goedert, an den Här Marc Hansen huet de Projet „Maison Relais" vun A-Z virgestallt. Nodeem den Här Buergermeeschter Pollo Bodem en Historique iwwert de Projet gezunn huet, war et dunn un der Madame Ministesch Marie-Josée Jacobs, déi hir Usproch gehalen huet.

Zwëschen de jeweilige Rieden haten d'Kanner aus der Maison Relais d'Geleeënheet ee klengt Spektakel ze presentéieren, an hunn dobäi den Numm vun der neier Maison Relais „Fliedermais" bekannt ginn.

Als Ofschloss vun der Feierlechkeet war eng Porte Ouverte mat engem Barbecue virgesinn. ▪
















16.47
BENEVOLE AM SPORT
MIR BRAUCHEN DECH !









# APECU – Hurra, wir existieren noch!

Im letzten Schuljahr ist das Komitee der Elternvereinigung Useldeng auf 5 Personen geschrumpft. Mehrfach haben wir in der Schule, über den *Rippevusch* und durch direkte Kontakte versucht weitere Eltern für die wichtige Arbeit der Elternvereinigung zu gewinnen. Wir sind froh, in letzter Sekunde doch noch zwei neue Komitee-Mitglieder gefunden zu haben. Damit können wir als APECU bestehen bleiben und weiter den Schulalltag unserer Kinder mitgestalten.

In den vergangenen Ausgaben des *Rippevusch* haben wir verschiedene Aktivitäten vorgestellt, die von der APECU in Zusammenarbeit mit dem Lehrpersonal und der Gemeinde durchgeführt wurden. Vielleicht sind Ihnen noch die Bilder der Naturwoche, der Aktion mit dem Hochseil-Kletterwürfels, des Schulfestes 2010 unter dem Motto Fußball, der ersten Pflanzenproduktionen,... in Erinnerung.

Wir möchten in diesem Jahr wieder aktiver werden, für unsere Kinder, für die Eltern, für das Lehrpersonal. Da wir aber auch mit sieben Komitee Mitgliedern nur eine kleine, aber motivierte Gruppe von Eltern sind, benötigen wir für alle von uns geplanten Aktionen Ihre Mithilfe, z.B. als Begleitpersonen, an Versorgungsstationen (z.B. Grillen), als „anpackende Hand" und natürlich auch als Ideen-Geber. Wir hoffen auf Sie zurückgreifen zu können!

Ein großes Event, das dieses Schuljahr wieder von der Elternvereinigung organisiert und mit Hilfe des Lehrpersonals durchgeführt werden soll, ist das berühmte Schulfest vor den Sommerferien. Hierfür benötigen wir mindestens 1 Elternteil pro „Klasse", d.h. ca. 10 Personen. Das Datum für das Schulfest wurde bereits vom Lehrpersonal festgelegt und wird am Freitag den 6. Juli 2012 stattfinden. Es wäre schön, wenn Sie sich dieses Datum bereits vormerken und uns helfen würden, allen Kindern der *Useldenger Primärschoul* ein tolles Schulfest auszurichten.

In der Hoffnung das viele von Ihnen bereit sind die Initiativen der APECU zu unterstützen, präsentieren wir Ihnen hier die aktuellen Komitee-Mitglieder der APECU. Wir möchten die Schulzeit aller Kinder in Useldingen noch attraktiver gestalten, aber auch gerne als Bindeglied zwischen Schule und Elternhaus zur Verfügung stehen.

Scheuen Sie sich nicht uns zu kontaktieren.
Christel Gottschalk

## Eltrenvereenegung Useldeng

Är Uspriechpartner an Saachen Schoul / Vos personnes de contact pour toutes questions concernant l'école.

**www.useldeng.net**
**apecu@useldeng.net**



Christel Gottschalk
Présidente
T. 26 80 03 70



Guillermo Martinez
Vice-Président
T. 661 938 309



Dally Straus-Djukanovic
Secrétaire
T. 621 630 671



Raymond Schmit
Secrétaire adj.
T. 621 212 257



Joëlle Matelart-Meyvaert
Caissière
T. 621 740 728



Gérard Anzia
Membre
T. 691 236 300



Chantal Waltzing-Becker
Membre
T. 661 210 964

# GENDERHAUS

## Konferenz „Was tun bei November-Blues?“ am 9. November 2011 in Schandel

Genderhaus in Zusammenarbeit mit der Chancengleichheitskommission



Dieser sympathische Konferenzabend, stimmungsvoll mit Kerzenlicht und in gemütlicher Runde, fand am 9. November im Festsaal von Schandel statt. Im ersten Teil ging die Psychologin und Gestalttherapeutin Simone Biren auf die Entstehung von Winterdepressionen ein, vertiefte aber vor allem den praktischen Teil zur Verhinderung und Linderung von einem Stimmungstief. Symptome sind u.a. Energielosigkeit, größere Reizbarkeit und Trauern, Verlust von Interesse und Eigeninitiative, Vernachlässigung von sozialen Kontakten und sich selbst, größeres Schlafbedürfnis. Als Therapie eignet sich u.a. die Lichttherapie, Bilanz ziehen (wer bin ich, was möchte ich erreichen, was sind Ziele in meinem Leben?), Yoga- und Entspannung regelmäßig machen, eine Sportart die einem gefällt, und überhaupt alles, was gut tut: ein heißes Bad nehmen, schöne Musik hören, Malen, Spaziergänge. Im zweiten Teil der Konferenz gab es für alle eine angeleitete Entspannungsübung, gefolgt von einem „Mandela-Malen“, so dass die Teilnehmer am Ende des Abends heiter gestimmt in die dunkle Jahreszeit gingen. ■

**Internationaler Frauentag 9. März 2012, Am Tëmmel / Ospern**

## VERNISSAGE „eenzegaARTeg“

**Fraen a Konscht, musikalesch Begleedung: Lisa Mariotto**

# Wat ass lass, am Schlass?

Foto & Text: Tom Lehnert

## Neiegkeete vun a ronderëm d'Buerg

Am Fréijoer vun dësem Joer si mir vum SR (Saarländischer Rundfunk) kontaktéiert ginn, déi e Reportage iwwert de Vëloswee PC12 géife maachen. Dat ass d'Piste Cyclable, déi vu Péiteng bis op Colmar-Bierg geet, an domat och iwwert Uselding féiert.

Am Kader vun dëser Reportage huet d'Film-Team vum Saarländischen Rundfunk (SR), ënnert der Leedung vum Auteur/Regisseur Wolfgang Felk, och en Halt hei zu Uselding ageluecht. Während dem 27ten an 29ten Abrëll hunn si hei zu Uselding am Duerf op der Vëlospiste an och op a ronderëm d'Buerg gedréint.

De genauen Datum vun der Emissioun stung bei Redaktiounsschluss leider nach nit fest, mee et wäert ëm Ouschteren 2012 sinn, wann dës Sendung op der Tëlee ze gesinn ass. ■



# Manque de pluie

Au cours des dernières semaines, il pleuvait beaucoup moins qu'à la même période des années passées. Le débit des rivières et des cours d'eau est plus bas que d'habitude et on le remarque bien si on observe le niveau de l'Attert. Mme Calmes, habitante d'Everlange nous a fait parvenir des photos prises au cours du mois d'octobre. Les images montrent les petits étangs le long de la piste cyclable (Useldange-Everlange) qui sont presque totalement desséchés. ■





# Sportifs méritants 2011

La Commune d'Useldange veut honorer en février/mars 2012 les sportifs méritants qui habitent et / ou qui évoluent dans la Commune. Pour ce faire, la Commission des Sports a élaboré un règlement pour garantir un traitement juste et équitable de tous les habitants.

Vous trouvez ci-joint ce règlement ainsi que le formulaire nécessaire. Pour les sports individuels, le sportif lui-même peut envoyer la demande. Pour les sports collectifs, cette demande doit être envoyée par un membre du comité du club sportif.

Veuillez envoyer la demande jusqu'au 25 janvier 2012
au Président de la Commission des Sports :
**Marc Hansen**
**17, Pallerwee**
**L-8706 Useldange**

## Règlement

Pour qu'un sportif (m/f) ait le droit d'être honoré par l'Administration Communale il doit remplir certaines conditions:

**A Pour les sports individuels (membres actifs)**

1. Avoir son domicile dans la Commune d'Useldange ou être membre d'un club sportif ayant déposé ses statuts à l'Administration Communale de Useldange. Sont considérés comme club sportif tous les clubs adhérant à une fédération-membre du Comité Olympique et Sportif Luxembourgeois (COSL).
2. Avoir obtenu des résultats significatifs, c.à.d. s'être au moins classé dans les trois premiers d'une compétition nationale ou une fois dans les cinq premiers d'une compétition internationale. Est considérée comme compétition nationale toute épreuve organisée par une fédération – membre du COSL reconnue comme telle par celui-ci figurant sur le plan des compétitions de la fédération. Est considérée comme compétition internationale toute épreuve organisée par une fédération étrangère membre du Comité Olympique International.
3. Avoir obtenu un titre de champion luxembourgeois (minimum 3 participants).
4. Etre sélectionné dans une sélection nationale ou olympique.
5. Avoir réalisé lors d'une compétition nationale ou internationale une meilleure performance nationale de l'année ou avoir réalisé un record national.



**B Pour les sports collectifs**

1. Sont considérées comme sociétés sportives tous clubs adhérant à une fédération-membre du COSL et ayant déposé leur statut à l'Administration Communale de Useldange.
2. Avoir réussi la montée dans une division supérieure avec une de ses équipes ou être au moins demi-finaliste d'une coupe fédérale. La montée doit être la conséquence de résultats sportifs et non la suite d'une décision fédérale, par exemple la création de nouvelles divisions.
3. Avoir obtenu un titre de champion luxembourgeois (minimum 3 équipes participantes).

**C Pour un mérite exceptionnel**

1. Tout club sportif peut proposer des membres licenciés, sortis de ses rangs, qui se sont fait remarquer par un engagement ou par un geste exemplaire qui sert l'idée sportive.
2. Tout club sportif peut proposer des personnes qui se sont engagés depuis au moins 20 ans au sein du club.
3. Tout exploit sportif exceptionnel ou geste de fair-play d'un sportif ou d'un club sportif (remplissant les conditions sub A1 et sub B1) peut être communiqué à la Commission des Sports. La commission étudie la proposition et décide de son évolution.
4. Toute proposition d'un mérite sportif exceptionnel, proposée par un ou plusieurs membres de la Commission, est prise en considération. Toute demande doit être accompagnée d'un certificat attestant des résultats évoqués. La Commission des Sports soumet ses propositions et avis au collège échevinal, qui en décide en dernière instance. →

**Demande pour honorer un sportif méritant (m/f) de l'année 2011**

Le soussigné (m/f)
Nom et prénom :
Adresse :
Code post. et localité :
Téléphone : Fax :
demande par la présente à honorer un sportif méritant dans la catégorie suivante:

**a) Pour les sports individuels**
Nom et adresse du sportif :
Exploit :

**b) Pour les sports collectifs**
Dénomination de l'équipe :
Exploit :

**c) Pour un mérite exceptionnel**
Nom et adresse du sportif :
Exploit :

La présente est accompagnée d'un certificat attestant le/les résultat(s) évoqué(s).
L'exploit a été réalisé suivant les critères du règlement pour sportifs méritants de la commune d'Useldange.

Useldange, le Signature :

# Dag vum Bam



[Foto: Claude Bach]

Manifestatiounskalenner fir d'Joër 2012 (Syndicat d'Initiative Useldeng)
All Ännerungen betreffend de Manifestatiounskalenner sinn am Sekretariat vun der Gemeng ze mellen an op www.useldeng.lu

| **Januar** | | | | |
|---|---|---|---|---|
| 01.01.2012 | D | Néijooschdag | | |
| 06.01.2012 | V | Néijooschréceptioun | Iewerleng | Gemeng Useldeng |
| 07.01.2012 | S | Generalversammlung | Iewerleng | Club des Jeunes Iewerleng |
| 07.01.2012 | S | Néijooschconcert (Kierch) | Useldeng | Harmonie Useldeng |
| 13.01.2012 | V | Generalversammlung | Rippweiler | Pompjéen Rippweiler |
| 14.01.2012 | S | Generalversammlung | Iewerleng | Iewerlenger Musik |
| 15.01.2012 | D | Generalversammlung | Iewerleng | Chorale Iewerleng |
| 21.01.2012 | S | Bal | Useldeng | Club des Jeunes Useldeng |
| 22.01.2012 | D | Generalversammlung | Iewerleng | Pompjéen Iewerleng |
| 25.01.2012 | M | Hallentounéier | Useldeng | FC Useldeng |
| 27.01.2012 | V | Hallentournéier | Useldeng | FC Useldeng |
| 27.01.2012 | V | Theater | Iewerleng | Iewerlenger Musik |
| 28.01.2012 | S | Hallentournéier | Useldeng | FC Useldeng |
| 28.01.2012 | S | Generalversammlung | Useldeng | Harmonie Useldeng |
| 28.01.2012 | V | Theater | Iewerleng | Iewerlenger Musik |
| 29.01.2012 | D | Kaffisstuff | Rippweiler | Chorale Rippweiler |
| **Februar** | | | | |
| 03.02.2012 | V | Hallentournéier | Useldeng | FC Useldeng 2e. |
| 04.02.2012 | S | Generalversammlung | Schandel | Pompjéen Schandel |
| 04.02.2012 | S | Theater | Iewerleng | Iewerlenger Musik |
| 05.02.2012 | D | Generalversammlung | Useldeng | Senioreforum |
| 08.02.2012 | M | Fussball-Turneier | Useldeng | Härenéquipe Useldeng |
| 10.02.2012 | V | Fussball-Turneier | Useldeng | Härenéquipe Useldeng |
| 10.02.2012 | V | Generalversammlung | Useldeng | Syndicat |
| 10.02.2012 | V | Après-Ski Party | Useldeng | UKW |
| 11.02.2012 | S | Fussball-Turneier | Useldeng | Härenéquipe Useldeng |
| 12.02.2012 | D | Lëtzebuerger Mëtteg | Useldeng | Pompjéen Useldeng |
| 18.02.2012 | S | Kannerfuesbal | Useldeng | Aktiv Mammen |
| 18.02.2012 | S | Fuesbal | Iewerleng | Pompjeen Iewerleng |
| 19.02.2012 | D | Fuessonndeg | | |
| 21.02.2012 | M | Kannerfuesbal | Iewerleng | Pompjéen Iewerleng |
| 22.02.2012 | M | Äschemëttwoch | | |
| 26.02.2012 | D | Buergsonndeg Buergbrennen | Useldeng | Club des Jeunes Useldeng |
| 26.02.2012 | D | Generalversammlung | Useldeng | Gaart an Heem Useldeng |
| 26.02.2012 | D | Buergbrennen | Iewerleng | Pompjéen Iewerleng |

| Mäerz | | | | |
|---|---|---|---|---|
| 01.03.2012 | J | GV Hielefuerscher | Useldeng | Clubsall "Aal Schoul" |
| 03.03.2012 | S | Spaghettisowend | Iewerleng | Club des Jeunes Ierwerleng |
| 04.03.2012 | D | Duerffest | Rippweiler | Pompjéen Rippweiler |
| 10.03.2012 | S | Centre Culturel Everlange | Everlange | Claude Bach |
| 10.03.2012 | S | DJ Sir Oliver | Useldeng | FC Useldeng |
| 11.03.2012 | D | Generalversammlung | Useldeng | Pompjéen Useldeng |
| 17.03.2012 | S | Spaghettisiessen | Iewerleng | Schoulkanner a Léierpersonal |
| 23.03.2012 | V | Theater | Rippweiler | Theaterfrenn |
| 24.03.2012 | S | Theater | Rippweiler | Theaterfrenn |
| 24.03.2012 | S | Generalversammlung | Useldeng | Härenéquipe Useldeng |
| 25.03.2012 | D | Generalversammlung | Useldeng | Cercle Archéologique Mich Hommel |
| 25.03.2012 | D | Thé - Dansant | Iewerleng | Iewerlenger Musik |
| 25.03.2012 | D | Ouschtermaart | Useldeng | Harmonie Useldeng |
| 30.03.2012 | V | Theater | Rippweiler | Theaterfrenn |
| 31.03.2012 | S | Theater | Rippweiler | Theaterfrenn |
| **Abrell** | | | | |
| 05.04.2012 | J | Gringendonneschdeg | | |
| 06.04.2012 | V | Karfreideg | | |
| 07.04.2012 | S | Karsamschdeg | | |
| 08.04.2012 | D | Ouschteren | | |
| 09.04.2012 | L | Ouschterméindeg | | |
| 20.04.2012 | V | Generalversammlung | Useldeng | Aktiv Mammen |
| 21.04.2012 | S | Bal | Useldeng | Club des Jeunes Useldeng |
| 21.04.2012 | S | Generalversammlung | Iewerleng | Veräinsentente Iewerleng |
| 29.04.2012 | D | Kommioun | Useldeng | Par Useldeng / Iewerleng |
| 30.04.2012 | L | Eischt-Meefeier | Iewerleng | Veräinsentente Iewerleng |
| **Mee** | | | | |
| 01.05.2012 | M | 1 Mee | Useldeng | Harmonie Useldeng an Fc Jeunesse |
| 05.05.2012 | S | Galamatch | Useldeng | Härenéquipe Useldeng |
| 07.05.2012 | L | Pilgerdag vum Dekanat | | Par Useldeng / Iewerleng |
| 17.05.2012 | J | Christi Himmelfahrt | | |
| 19.05.2012 | S | Generalversammlung | Useldeng | Spuerverein Kneckjang |
| 20.05.2012 | D | Hämmelsmarsch | Iewerleng | Iewerlenger Musik |
| 26.05.2012 | S | Galaconcert | Useldeng | Harmonie Useldeng |
| 27.05.2012 | D | Päischten | | |
| 28.05.2012 | L | Päischtméindeg | | |

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| **Juni** | | | | |
| 03.06.2012 | D | Hämmelsmarsch & Concert | Schandel | Iewerlenger Musik |
| 09.06.2012 | S | Mëttelalterfest | Useldeng | Härenéquipe Useldeng |
| 10.06.2012 | D | Mëttelalterfest | Useldeng | Härenéquipe Useldeng |
| 10.06.2012 | D | Härläichendag Pressioun | Iewerleng | Par Useldeng / Iewerleng |
| 17.06.2012 | M | Mammendagfeier | Iewerleng | Gaart an Heem Useldeng |
| 22.06.2012 | V | Nationalfeierdagsfeier | Useldeng | Kulturkommissioun |
| 23.06.2012 | S | Nationalfeierdag | | |
| **Juli** | | | | |
| 01.07.2012 | D | Generlversammlung | Useldeng | FC Useldeng |
| 08.07.2012 | D | Musiksfest | Iewerleng | Iewerlenger Musik |
| 08.07.2012 | D | Bieddag | Iewerleng | Par Iewerleng |
| 07.07.2012 | S | Donatuspressioun | Useldeng | Par Useldeng |
| 07.07.2012 | S | Beach Party | Useldeng | Club des Jeunes Useldeng |
| 10.07.2012 | M | Ofschlossconcert um Kiosk | Useldeng | Harmonie Useldeng |
| 15.07.2012 | D | Useldinger Kiermes Musiksfest | Useldeng | |
| 22.07.2012 | D | Christophorusfeier | Schandel | Dëschtennis Schandel / Par Iewerleng |
| **August** | | | | |
| 14.08.2012 | M | Light show | Useldeng | Buergfrenn |
| 14.08.2012 | M | Semaine sportive | Useldeng | FC Useldeng |
| 15.08.2012 | M | Grottefeier an duerno Grillen | Rippweiler | Œuvres paroissiales/Club des Jeunes |
| 16.08.2012 | J | Semaine sportive | Useldeng | FC Useldeng |
| 17.08.2012 | V | Semaine sportive | Useldeng | FC Useldeng |
| 18.08.2012 | S | Semaine sportive | Useldeng | FC Useldeng |
| 19.08.2012 | D | Semaine sportive | Useldeng | FC Useldeng |
| **September** | | | | |
| 02.09.2012 | D | Dëppenfest | Iewerleng | Pompjéen Iewerleng |
| 06.09.2012 | J | Grillfest | Useldeng | Senioreforum |
| **Oktober** | | | | |
| 04.10.2012 | J | Lëtzebuerger Mëtteg | Useldeng | Spuerverein Kneckjang |
| 06.10.2012 | S | Goodbye summer | Useldeng | Club des Jeunes Iewerleng |
| 07.10.2012 | D | Rousekranzpressioun | Iewerleng | Par Iewerleng |
| 14.10.2012 | D | Journée de Commémoration | Useldeng | Enrôlés de force |
| 21.10.2012 | D | Parfest | Useldeng | Par Useldeng |
| 20.10.2012 | S | Treipenowend | Iewerleng | Iewerlenger Musik |

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| **November** | | | | |
| 01.11.2012 | J | Allerhelljendag | | |
| 02.11.2012 | V | Allerséilen | | |
| 05.11.2012 | L | Opstellen vum Manifestatiounskalenner | Useldeng | Syndicat d'Initiative |
| 10.11.2012 | S | Castle Vibration | Useldeng | Club des Jeunes Iewerleng |
| 17.11.2012 | S | "Visions of the past" - Party | Iewerleng | Aktiv Mammen |
| 18.11.2012 | D | Kiermes | Rippweiler | |
| 18.11.2012 | D | Cäcilienfeier | Useldeng | Gesank |
| 18.11.2012 | D | Cäcilienfeier | Iewerleng | Musik a Gesank |
| 24.11.2012 | S | Kuddelfleck Owend | Iewerleng | Pompjéen Iewerleng |
| **Dezember** | | | | |
| 02.12.2012 | D | Chrëschtmaart | Useldeng | Harmonie Useldeng |
| 05.12.2012 | M | Nikloosfeier | Useldeng | Gaart an Heem Useldeng |
| 06.12.2012 | J | Nikloosdag | | |
| 15.12.2012 | S | Galaconcert | Iewerleng | Iewerlenger Musik |
| 16.12.2012 | D | Senioren lessen / Chrëschtfest | Useldeng | Senioreforum |
| 17.12.2012 | L | Cabaret vum 17.12 -27.01.2013 | Useldeng | Bigfriends |
| 22.12.2012 | S | D T Schandel | Useldeng | Jugendtournoi an der Sportshaal |
| 25.12.2012 | M | Chrëschtdag | | |
| 26.12.2012 | M | Steefesdag | | |
| 31.12.2012 | L | Cabaret Première | Useldeng | Bigfriends |

2013 éischten Sondeg no Lichtmesdag Generalversammlung  Senioreforum



[Foto: Claude Bach]



[Foto: Claude Bach]

Wann Dir Loscht hutt fir beim „Ripevusch" matzeschaffen oder heiansdo een Artikel oofzeliwweren kënnt Dir lech beim **Marc Hansen** mellen **(chansen@pt.lu)**.

Weider Informatiounen a Fotoen iwwert d'Gemeng fannt Dir um Infokanal oder um Internet op **www.useldeng.lu**

**Redaktiounsschluss fir den Ripevusch 1/2012 ass den 23. Abrëll 2012!**

## *Ouverture des bureaux de l'administration communale d'Useldange*

- ***Secrétariat*** | *M. Luc Schockmel*
  idem que le bureau de la population sauf pour le samedi

- ***Population*** | *Mme Maggy Waltzing, M. Pit Lang*

| | |
|---|---|
| Lundi : | 14h00 – 19h30 |
| Mardi/Mercredi/Jeudi : | 08h00 – 11h30 |
| Vendredi : | 13h00 – 17h00 |
| (seulement 1er samedi de chaque mois) | |

- ***Service technique*** | *M. Marc Ferber*
  idem que le bureau de la population sauf pour le samedi

- ***Recette*** | *Mme Annick Halsdorf*

| | |
|---|---|
| Lundi : | 14h00 – 17h30 |
| Mardi : | 08h30 – 11h30 |
| Mercredi : | 08h30 – 11h30 |
| Jeudi : | 08h30 – 11h30 |

USELDENG

**Administration Communale d'Useldange**

2, rue de l'Eglise • L-8706 Useldange
T. 23 63 00 51-1 • F. 23 63 82 27
www.useldeng.lu